



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7053 vum 24. Oktober 2022 vun der Madamm Deputéiert Carole Hartmann.

Sinn d'Aarbechten un der Entlaaschtungsstrooss wéi geplangt ugelaaf? Wéi laang wäerten d'Aarbechten fir de Lot 1 „liaison Morgenstern“ brauchen?

Nodeems d'Stroossebauverwaltung lescht Joer déi néideg Ëmweltgeneemegung, sou wéi och d'Resultat vun den archeologeschen Ausgruewunge kritt huet, konnten d'Aarbechten um Lous 1 dëst Joer ufänken. Fir dee ganze Lous ass eng Bauzäit vu 620 Schaffdeeg virgesinn. Am Moment sinn Ofrappaarbechte vun der aler Schräinerei ewéi och divers Preparatiounsarbechten amgaangen. Déi eigentlech Bauarbechten un der "Liaison Morgenstern" fänken och nach dëst Joer un.

Kënnt et am Kader vun dësen Aarbechten zu enger Aschränkung vum Verkéier respektiv zu enger Spärung vun der Haaptverkéiersachs iwwer d'route de Wasserbillig an d'rue des Remparts? Wa jo, a wéi engem Zäitraum a wéi gött de Verkéier dee Moment gereegelt?

Zweck vun dësem groussen a komplexe Projet ass et déi aktuell Verkéierssituatioun zu lechternach ze verbesseren. Fir dat Zil kënnen ze erreechen, müssen d'Automobilisten an d'Awunner phaseweis mat Aschränkungen am bestoende Verkéier op Héicht vu den Aarbechte rechnen.

Prinzipiell, sou wéi bei all aner Chantier hei am Land, gött awer versicht den Impakt op de Verkéier sou kleng wéi méiglech ze halen. Dat zum Beispill andeems d'Liaison hiergestallt gött, éier an der Route de Wasserbillig geschafft gött, wäerten d'Arbechten an der Route de Wasserbillig e méi klengen Afloss op de Verkéier hunn. Wann néideg, wäert de Verkéier zäitweilig duerch rout Luuchte gereegelt ginn.

Generell ass och unzemierken datt leider all gréisseren Infrastrukturprojet, deen eng bestoend Situatioun verbessere soll, bësse Versteesdemech a Gedold vun den Automobilisten an de betroffenen Awunner verlaangt.

Wéini sollen d'Aarbechten um Lot 2 „bypass N11/CR366“ (Knepperkräizung) an um Lot 3 „voie Charly“ ufänken a bis wéini sollen se ofgeschloss sinn?

Et ass den Ament nach ze fréi fir ee Planning vun den Aarbechte vun de Lousen 2 an 3 unzeginn, well déi néideg Autorisatiounen nach net konnten ugefrot ginn, an och déi néideg Terrainen nach net konnte kaaft ginn.

Wéi eng Mesurë si virgesinn, fir de Respekt vun der maximaler Vitesse ze garantéieren an z'evitéieren, dass Chauffeuren déi nei Entlaaschtungsstrooss als Schnellstrooss notzen?

D'Strooss gëtt no der däitscher Richtlinn "Anlage von Stadtstrassen (RASt 06)" gebaut. Plazeweis si Mëttelinselen an/oder Gréngsträife virgesinn, déi dozou bäidroen sollen, datt d'Geschwindegkeet vun de Chauffere gedrosselt gëtt.

Wat ass geplangt, fir sécherzestellen, dass Foussgänger a Vëlofuerer a Sécherheet vun der enger Säit vun der Strooss op déi aner kommen, ouni dass de Verkéier ze vill opgehale gëtt? Ass z.B. eng Bréck oder eng Ënnerféierung virgesinn?

Et si keng weider Brécken oder Ënnerféierunge virgesinn.

D'Geschwindegkeet op där Strooss ass op 50 km/h limitéiert an do wou de Foussgänger/Vëlofuerer d'Strooss kräizen, sinn entsprechend Iwwergäng mat Mëttelinselen, respektiv Iwwergäng déi mat Luuchte gereegelt ginn, virgesinn.

Ass virgesinn, op Plazen wéi z.B. der zukünftiger Busgare oder beim Parking „Bénédictens“, Ënnerféierungen ze bauen, fir d'Sécherheet vu Foussgänger a Vëlofuerer ze garantéieren an de Verkéier net ze vill opzehalen?“

Beim Parking "Bénédictens" ass d'Méiglechkeet vun enger Ënnerféierung gepréift mee aus Héichwaasserschutzgrënn net weider verfollegt ginn.

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch